



Här Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 31te Januar 2020

Här President,

Sou, wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Kultur, Wirtschaft & Aarbecht an un den Ausseminister weiderzeleeden.

A virege parlamentaresche Froen (n°647 a 1567) hat ech d'Regierung ëm Informatiounen iwwert déi lëtzebuergesch Bedeelegung un der Weltausstellung zu Dubai gefrot. Iwwert meng Froe par rapport zum Aarbechtsrecht op der Weltausstellung verweist d'Regierung an zwou Äntwerten op méi streng a wäitgoend Aarbechtskonditiounen, déi den Organisateur a senger „Worker Welfare Policy“-Charta ernimmt. Den Organisateur gëtt selwer iwwerdeems un, dass während der Haaptbauphase iwwert 40000 Bauarbechter um Site vun der Weltausstellung wäerte schaffen.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froen stellen:

1. Wéi vill Aarbechter sinn um Bau vum lëtzebuergesche Pavillon bedeelegt?
2. Wéi vill Aarbechter sinn iwwert Sous-Traitance-Entreprises um Bau vum Pavillon bedeelegt (opgelëscht no Entreprise an Unzuel vun Aarbechter)?
3. Wat geschitt mat de Bauarbechter nom Enn vun der Weltausstellung? Wäerten si fir äänlech Bauprojekte schaffen a falls jo, profitéieren si an dem Fall weider vun den Aarbechtskonditiounen vun der Weltausstellung?
4. Wéi vill Suen a wéi enger Währung verdéngen d'Bauarbechter, déi um Bau vum lëtzebuergesche Pavillon bedeelegt sinn
 - o pro Stonn a pro Mount?
 - o opgelëscht no Entreprise?
5. Wéi vill Stonnen däerfen d'Bauarbechter maximal schaffen, opgelëscht
 - o pro Dag?
 - o pro Mount?
6. Wéi vill Stonne Repos hunn d'Aarbechter tëschent 2 Aarbechtsdeeg zegutt? Wéi oft gouf dës Repos net agehalen?



www.piraten.lu

7. Wéi vill Stonne Repos hunn d'Aarbechter tëschent 2 Aarbechtswochen zegutt? Wöi oft gouf dëse Repos net agehalen?
8. Wéi vill Iwwerstonne goufen et um Schantje vum lëtzebuergesche Pavillon insgesamt erfaasst?
9. Sinn d'Aarbechter um Pavillon sozialverséichert a falls jo, wéi eng Gesondheetsleeschtungen a Risike sinn duerch d'Sozialverséicherung couvréiert?
10. Wou genee wunnen d'Bauarbechter vum lëtzebuergesche Pavillon a wéi sinn d'Konditiounen an dëse Logementer (Gréisst vum Logement a m², Unzuel un Persoune pro Logementsunitéit?)

Mat déiwem Respekt,



Marc GOERGEN
Députéierten

